# Ee Chrëschtmaart, dee guer kee war…

An enger Zäit, wou d‘Geld d‘Welt regéiert a fir un eppes gleewen, sech ëm aner suergen a mat aneren deele kaum nach Plaz ass, schéngt et onsënneg iwwer Chrëschtdag nozedenken. Genau geholl ass d‘Chrëschtzäit net méi vill Aneres wéi e kommerziellt Event mat Cadeaue maachen, an der Hoffnung och een ze kréien an e wëllkomme Pretext nach méi ze friessen an ze saufe, wéi dat schonn de Fall ass. Glimmer a Glühwäin, kënnt een och soen. An dach, e bësse Magie a Besënnlechkeet ass bliwwen, vläicht well och vum Luxus verwinnte Kanner ëmmer nach Kanner sinn, de Gedanken un dat, wat Chrëschtdag eemol war, an hinne weiderlieft an hir Elteren sech dovun ustieche loossen.

Keng Chrëschtzäit ouni Chrëschtmaart an och an eiser materieller Gesellschaft huet deen ëmmer nach eng ganz besonnesch Stellung, en Zeechen aus alen Zäiten, puer Woche Liichtercherszauber, eng Illusioun vu friddlechem Matenaner. Dat wier och dëst Joer sou, stoung am Essentiel. Mee, déi schreiwen déi lescht Méint vill Saache, wou een nëmmen de Kapp rësele kann. Mat engem héijen Drot ofgeséchert wéi eng Militärbasis, eng hallef Dose Security Agenten, déi d'Agäng bewaacht hunn an déi eng rageloos an deen aneren den Zougank verwiert hunn. De Chrëschtmaart als Symbol datt d‘Gesellschaft zu Lëtzebuerg 2021 gedeelt ass: déi, déi d‘Recht hunn sech fräi ze beweegen an déi, déi op enger ganzer Rei vu Plaze fort gejot ginn. Dat ass sou am Géigesaz zum Gedanke vu Chrëschtdag, datt ee just zu enger Conclusioun komme kann: Ee Chrëschtmaart, dee guer kee war!

„Panem et circenses“. Schonn d‘Politiker am ale Roum hunn op des Method gesat, fir d‘Leit unzeschäissen a vun deem an deenen, déi wierklech fir hir Problemer verantwortlech sinn, ofzelenken. A schliisslech muss een och un déi nächst Walen denken: Datt den Här Bettel, trotz der schwiereger Situatioun, decidéiert huet hinnen hire Chrëschtmaart zréckzeginn, kéint fir vill Leit e Grond sinn hien zréck ze wielen a wann hien anescht decidéiert hätt, géif et vill Leit, déi him dat ni verzien hätten. Dee Chrëschtmaart, sou wéi en ofgehale gouf, war a mengen Aen ee komplett an total oniwwerluechte faux-pas vun eiser Regierung!

Onsënneg war dat Ganzt souwisou. Mam Opkomme vun der Omega-Variant sinn ëmmer méi Leit, déi geimpft ware, genausou ugestach gi wéi déi aner, wat een am beschten doru gesäit, datt koum ee vun de Regierungsmemberen net infizéiert gouf. Leit, déi geimpft waren, konnten ongetest op de Chrëschtmaart eran a si stoungen do a Gruppe vun 12 oder 20 ronderëm, alleguer ouni hir Mask. War dat net dem Virus eng wonnerbar Geleeënheet ginn, sech weider ze verbreeden? Zemools een dervun ausgoe kann, datt vill vun deene Leit absolut net opgepasst hu wat d‘Kontakter mat aneren ugeet. Mat dee ganze Propaganda-Artikelen an den Zeitunge waren effektiv vill Leit der Meenung, datt wa si geimpft wieren, hinnen näischt méi geschéie kéint. An datt si de Virus kéinte mat sech ronderëm schleefen a sou eng Gefor fir déi aner, geimpft oder net, kéinte sinn, dorun hu si net mol am Dram geduecht.

Et wier net schwéier gewiescht all dës Problemer op eemol ze léisen an dat ouni op de Chrëschtmaart ze verzichten. Firwat et net sou gemaach hu, wéi s‘et mam Wochemaart maachen? Déi verschidde Stänn an de Stroosse ronderëm d‘Plëss verdeelen an dann all Mënsch Geleeënheet ginn, säi Glühwäin drénken oder säin Thüringer iessen ze goen? Et wier vläicht net wierklech sou gewiescht, wéi wann alles op enger Plaz ass. Awer et hätt ee kee misse vum Chrëschtmaart ausschléissen, et hätt een de Leit ee Chrëschtdag ouni Andeelung an eng Zwou-Klasse-

Gesellschaft kënne loossen an, en plus, dem Covid manner Chance gi sech auszebreeden. Ville Leit wier d'Gefill, stigmatiséiert ze sinn, erspuert bliwwen, vill Leit hätten d'Chrëschtzäit kënne genéissen a sech rëm Hoffnung op eng normal Zukunft kënne maachen. An all déi Ausschreidungen an Usätz vu Gewalt hätt et warscheinlech ni ginn. Wann ee kuckt datt d'Politik an engem Moment, wou praktesch all Aschränkungen opgehuewe sinn, ëmmer nach consideréiert d'Pflichtimpfung vun deen iwwer 50-järegen anzeféieren, muss ee sech froen, ob déi Verantwortlech net sou wäit geduecht hunn oder ob dat alles gewollt war. Bei enger Saach, wou et ëm Milliarde Gewënner geet, gëtt alles Ondenkbares denkbar!

Wat och ëmmer de Covid wierklech war, eng Saach ass sécher: Sou wéi, op där enger Säit vill Leit alles, fir dat se Jore laang geschafft hu, verluer hunn an nach vill méi Leit aarm, méi aarm oder ganz aarm gi sinn, gouf et op där anerer Säit Leit, déi sou richteg räich goufen, oder méi richteg, well dat alles Räicher sinn, déi nach vill méi räich goufen. D'Pharmaindustrie, bien-sûr (firwat all Fuerschung op eng Massenimpfung konzentréieren, awer praktesch keen Effort gemaach hunn, fir e Medikament ze fannen?), mee och anerer, wéi zum Beispill dräi vun deene räichste Leit op der Welt, déi duerch de Covid hiert Milliarde-Verméige verduebelt hunn. De Kuch huet näischt vu senger Gréisst verluer a wa souvill kleng Leit souvill manner hunn, da kann dat nëmmen heeschen, datt anerer dat méi hunn. De Covid e Moyen, fir déi Aarm méi aarm an déi Räich méi räich ze maachen? Oder just eng wonnerbar Geleeënheet, fir dat ze maachen? Bizare ass dat alles schonn. An et mécht Angscht! Villes, vun deem, wat mir gesot krute, war net richteg oder carrement falsch. Eng ganz Rei vun Zeitungsartikelen si mir wéi Propaganda, fir net ze soe wéi Ophetzung vun de Leit, virkomm. Dokteren si bedreet ginn, Conferenciere kruten de Mond gestoppt. An iergendwann, no all deem Terror, deem déi einfach, schaffend Leit ausgesat ware, kommen se zu där Conclusioun, déi vun Ufank u gewosst war: De Covid ass ee Grippevirus (wéi anerer och) a mir mussen domat liewen. Fir mech selwer, wäert ech ni méi engem Politiker vertraue kënnen a wäert ech mech ni méi an dësem Land kënne wierklech sécher fillen. Sou wéi de Leit, déi hire Kanner d'Enttäuschung, net op de Chrëschtmaart ze goen, erspuere wollten, genausou wéi déi, déi d'Recht schaffen ze goen, net verléiere wollten, gezwonge waren sech impfen ze loossen, wäerte mir an Zukunft zu villerlee gezwonge ginn. Ouni datt mir äis kënne wieren, ouni datt et ee gëtt, deen äis virun hinne schützt. De Chrëschtmaart 2021 war e Symbol vun deem, wat Lëtzebuerg amgaang ass ze ginn (a wa mir äis net wieren och wäert ginn!): eng Zwou-Klasse-Gesellschaft, mat op där enger Säit Iwwermënschen, déi all Rechter hunn, an op där anerer Säit Ënnermëschen, deenen hir Roll sech dorop beschränkt schaffen ze goe, fir deenen, déi Muecht a Geld hunn, hire Bankkonto ze fëllen…